Aner Lett, se dreiwen ärdeg
Handel, Handwierk, det an dat:
O'ni dech dach sin se ferdeg,
bauten s'och ous Gold hir Staadt.

Fir dir d'Arbecht liicht ze maachen,
aß och alles gutt gesennt:
Wat Maschinen a wat Saachen
ee jo hett fir dech erfendt!

Kuck och ees de' ural Ween
iwer Hiwel, Stack a Kniwel,
de'f Gele'ser an de Leen,
am Moraas bis iwer d'Stiwel[7].

Elef Perd a fönnef Zenner,
an om Iesel d'Mescht am Sak,
ee Gespann a siwe Männer,
mat de Geißle klick a klak!

Himmel, Hell an Donnerwieder,
Flich a Kreesch gin do gejout!
Aus dem Eisen an dem Lieder
fuhren d'Pärd mat zraßner Hout.

Kuck hett d'Stroßen, de' sech ze'hen
kräizwes hin an hir durch d'Land[8]!
Wi d'Gespänner driwer fle'en,
datt et geht aß wi de Wand!

Iwer d'Waßer si stark Brecken,
d'Lee sin eweg gehan,
an du kanns nun o'ni Zecken
Dag an Nuecht deng Rese man.

Wo' sech d'Birger ge'h och wenklen
he'ch an d'Wolken, wi eng Burg,
d'Strooß gesäihs du driwer krenklen
oder Tunnell drönner durch.